



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 13 juillet 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse conjointe à la question
parlementaire n°4481 posée par les honorables Députés Messieurs Fernand Kartheiser et Fred
Keup.

Jean Asselborn

**Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen-an Europaminister, vum Här Verdeegeegungsminister a
vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten
op d'parlamentaresch Fro Nummer 4481 vum 14. Juni 2021
vun den honorabelen Deputéierten, den Häre Fernand Kartheiser a Fred Keup**

Fro 1:

Nodeems Frankräich beschloss hat seng militäresch Kooperatioun mam Mali temporär ze stoppen, koum den 2. Juli d'Nouvelle datt Paräis dës Kooperatioun rëm géif fortsetzen. Wéi d'Regioun vum Sahel insgesamt befénnt de Mali sech weiderhin an enger fragiller a komplexer politescher, sozialer a securitärer Situatioun. Et ass also wichteg, datt déi international Partneren um Terrain bleiwen a mathëllefen eng Verschlechterung vun der Situatioun ze verhënneren. Lëtzebuerg bléift weiderhin en engagéierte Partner, am Beräich vun der Sécherheet duerch ons Presenz an der EUTM Mali an der MINUSMA souwéi am Beräich vun der inklusiver Gouvernance an Entwécklungszesummenaarbecht.

Fro 2:

Eise leschte „Programme indicatif de Coopération“ (PIC) mam Mali, deen eis Bezéiungen an der Entwécklungszesummenaarbecht encadréiert huet, ass am Dezember 2020 ausgelaf. Nom Coup d'État am August 2020 ass d'Ënnerschrëft vun engem neie PIC ausgesat ginn, a mir hunn eng Transitiounsstrategie en place gesat, déi eis Interventiounen am Mali bis Enn 2022 encadréiert, fir och weiderhin der Bevëlkerung zur Säit ze stoen. D'Ofschléisse vun engem eventuellen nächste PIC ass a bléift ofhängeg vun der Entwécklung vum institutionelle Kontext am Mali a vum Ofhale vun transparenten an demokratesche Walen, souwéi der Ëmsetzung vum Accord d'Alger fir Fridden a Reconciliatioun. An deem Kontext verfolgege mir d'Evolutioun vun der politescher Situatioun am Mali zesumme mat eisen internationale Partner.